N° 5760
Reçue le 16.03.2022

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer Taina Bofferding, den Här Minister Georges Engel als Sportsminister an Madame Ministesch Corinne Cahen als Famill an Integratioun Ministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5760 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zum Sujet "Personnes transgenres dans le sport"**

D'Lëtzebuerger Regierung setzt sech schonn zënter ville Jore fir d'Mënscherechter vun den transgender an intergeschlechtleche Mënschen an. Si huet 2018 den éischten nationalen Aktiounsplang ausgeschafft fir d'Rechter vun de lesbesche, schwulen, bisexuellen, transgender an intergeschlechtleche (LGBTI) Mënschen ze stäerken. Dëse gouf an Zesummenaarbecht mat der Zivilgesellschaft an de nationale Mënscherechtsorganisatiounen ausgeschafft, an huet eng global Approche fir d'Diskriminatioune géint LGBTI Mënschen an de verschiddene Liewensberäicher ze bekämpfen.

D'Regierung gesäit doriwwer eraus am Nationalen Aktiounsplang fir Gläichstellung vu Fraen a Männer ënnert der Mesure 7.6. vir d'Egalitéit vun de Geschlechter am Sport ze promovéieren an baséiert sech do ënnert anerem op Texter vum Europarot, wéi z.B. d'Recommandatioun iwwert déi integréiert Approche fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer vum 21. Januar 2015.[1] Des Recommandatioun mécht allerdéngs keen kloeren Bezuch op déi ugeschwaten Problematik.

Transgender Mënschen si Mënschen, déi sech net mat deem Geschlecht identifizéieren, dat si bei der Gebuert zougewise kruten. En Transmann ass e Mann, dee no der Gebuert opgrond vun de gängege kierperlechen Normen als weiblech ugesi gouf. Eng Transfra ass eng Fra, déi bei der Gebuert opgrond vun de gängegen Normen als männlech ugesi gouf. Intergeschlechtlech Mënschen hu Kierpermierkmoler, déi net an déi gängeg Norme vu weiblech oder männlech erapassen. Et sinn natierlech Variatioune vun der Kierperentwécklung, déi scho kënne bei der Gebuert opfalen oder sech méi spéit an der Entwécklung weisen.

Watt elo den IOC betrefft siew virop gesot, dass den IOC, den internationalen olympeschen Komitee, d'Zentralorgan vun allen nationalen olympeschen Komiteeën an den internationalen Federatiounen duerstellt. No 2 Joer laanger Konsultatioun, huet den IOC effektiv den 16. November 2021 säin neien « *Cadre pour l'équité, l'inclusion et la non-discrimination sur la base de l'identité sexuelle et de l'intersexuation* » virgestallt, deen een Dokument vum IOC aus dem Joer 2015 ersetzt. D'Konzeptdokument dat am November 2021 vum IOC publizéiert gouf, gëtt Richtlinnen, fir dass d'Mënscherechter vun transgender an intergeschlechtleche Mënschen am Kompetitiounssport respektéiert ginn.[2]

Esou ewéi den IOC et selwer schreift, setzt hien als Zentralorgan, hei den Kader, am Sënn vun der Chancenglaichheet, der Inklusioun an der Glaichstellung, Werter déi natierlech och d'Regierung ennerstetzt. Dësen Kader soll et den jeeweilegen internationalen Verbänn an och den Organisateuren

---

[1] https://search.coe.int/cm/Pages/result_details.aspx?ObjectId=09000016805c476b

[2] https://stillmed.olympics.com/media/Documents/News/2021/11/Cadre-du-CIO-Equite-Inclusion-Non-discrimination-2021.pdf?_ga=2.224365337.388657950.1646127798-316466477.1646040665

vun internationalen Kompetitiounen erlaben déi respektiv Kritären fir hier spezifesch Sportaart festzeleeën. Den IOC kann keng Reglementer imposéieren.

Gemäss dann och der, am Sportsgesetz verankerter Autonomie vum Funktionnement vun der lëtzebuerger Sportsbeweegung, kann a waert d'Regierung do den Verbänn keng Verpflichtungen operleeën, wuelwessend dass och do, am Prinzip, déi lëtzebuerger Verbänn vun hieren internationalen Verbänn ofhänken.

Generell ënnerstëtzt den Staat, sprech d'Regierung, den lëtzebuerger Sport beim Erreechen vun sengen Haaptobjektiver, esou ënnert Anerem d'Erhaalen an Verbesserung vun der Gesondheet, d'Perseinlechkeetsentwecklung, déi sozial Integratioun, d'Entwecklung vun den sozialen Relatiounen, an dem Schutz vun der ethescher Basis vum Sport, esou ewéi dëst och am Artikel 1 vum Sportsgesetz virgesinn ass.

Lëtzebuerg, de 16. März 2022

Ministesch fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer

(s.) Taina Bofferding